

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

D'Blutspender spillen eng zentral Roll am Fonctionnement vun eisem Gesondheetssystem. Si sinn et, déi entscheidend zum Wuelerginn vun der Allgemengheet hei am Land bäidroen, andeems se eng vun de wichtigste biologesche Ressourcen, déi et ginn, nämlech hiert eege Blut, zur Verfügung stellen. Trotzdeem ass am Kader vun der Prioriséierung vun den Impfungen net un dës Mënsche geduecht ginn.

An dësem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheitsminister:

1. Firwat ass am Kader vun der Impfkampagn net dru geduecht ginn, fir d'Blutspender, vun deenen d'Iwwerliewe vu ville Mënschen ofhänkt, prioritär ze behandelen?
2. Gedenkt, d'Regierung, hire Stufepiang bei der Impfkampagn dëser berechtigter Fro vun de Blutspender nodréiglech unzepassen?
3. Huet d'Regierung d'Croix-Rouge kontaktéiert, fir hir matzedeelen, firwat d'Blutspender net kéinte prioritär geimpft ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

